N°203
Entrée le 26.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vun dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°203 vum 19. Januar 2024 vun dem éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwwert "Chiens de chasse"**

**1. Vu wiem ginn dës Ausbildungen ugebueden?**

Hei zu Lëtzebuerg ass dem Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit just d'Centrale du Chien de Chasse bekannt déi Ausbildunge fir Juegdhënn ubitt an d'Hënn och no internationalen a nationale Prüfungskrittäre préift.

**2. Wat fir Coursë sinn an de leschte 5 Joer ugebuede ginn? Wéi oft ginn esou Coursen am Joer ugebueden?**

De Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit féiert kee Regëster iwwert d'Coursen an d'Unzuel vun dësen déi vun der Centrale du Chien de Chasse ugebuede ginn.

Den honorablen Deputéierte kann déi Informatioune sécherlech bei der Centrale du Chien de Chasse bezéien.

**3. Wéi laang dauert d'Grondausbildung vun engem Juegdhond?**

Eisen Informatiounen no fänkt d'Ausbildung vu Juegdhënn am Alter vun 8 Wochen un. D'Grondausbildung selwer fänkt, ofhängeg dovunner wéini si am Joer gebuer sinn, tëschent 6 Méint an 1,5 Joer un, an dauert ca. 6 Méint. Déi meescht Hënn ginn allerdéngs doriwwer eraus weider ausgebilt.

D'Centrale du Chien de Chasse kann hei sécherlech weider Informatiounen ginn.

**4. Ass dem Minister bekannt, wéi vill Leit an de leschte 5 Joer un esou Ausbildungen Deel geholl hunn?**

Nee dës Zuelen sinn net bekannt.

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit